N°56
Entrée le 06.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 56 vum 28. November 2023 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Lëtzebuerg ass drunn interesséiert gutt un international Verbindungen – am Dag an an der Nuecht – ugebonnen ze sinn. Allerdings bréngt eng Aféierung vun Nuetszich héich finanziell Käschte mat sech, déi eisen nationale Bedreiwer net eleng stämme kann. Am Géigesaz zu den Dageszich gëtt fir Nuetszich spezielt Material gebraucht, dat op d'Besoine vun de Cliente vun den Nuetszich ugepasst ass. All Plaz ka beispillsweis nëmmen eemol während der ganzer Faart vum Zuch beluecht gi wat d'Käschten pro Plaz an d'Luucht dreiwt. Well dës Zich duerch méi Länner fueren, mussen d'Sécherheetsmosname vun all dëse Länner respektéiert ginn an et mussen extra adaptéiert Lokomotiven agesat ginn.

D'Europäesch Commissioun hat en Opruff gemaach fir verschidde Verbindungen duerch d'Nuecht ze proposéieren. Bei dëse Pilotprojete geet et drëms fir eventuell technesch an operationell Barrièren aus dem Wee ze raumen. Sou Barrièren goufen an der Vergaangenheet schonn tëschent Lëtzebuerg a sengen Nopeschlänner eliminéiert. Eng finanziell Ennerstëtzung vun der Europäescher Commissioun ass net virgesinn.

Lëtzebuerg ass an engem Aarbechtsgrupp vertrueden, wou et ëm Nuetszich geet, mee kann eleng ouni Cooperatioun mat aner Eisebunnsfirme keen eegenen Nuetszuch op d'Bee stellen. Verschidde Méiglechkeete sinn iwwerluecht ginn, mee Lëtzebuerg ass vum Wëlle vun aner Eisebunnsgesellschaften ofhängeg, déi wëlle Lëtzebuerg mat ubannen.

Prioritéit ass den Ament gutt un d'Nopeschlänner an driwwer eraus ugebonnen ze sinn, wouduerch et sech spéider wuel ergëtt un en Nuetszuchréseau ugebonnen ze ginn.

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2023.

D' Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes